



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent  
Tel: 247 85510  
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service central de Législation  
5, rue Plaetis  
L - 2338 Luxembourg



Luxembourg, le 2 mars 2020

**Concerne:** Question parlementaire n° 1804 du 30 janvier 2020 de Monsieur le Député Roy Reding  
**Réf. :** 829x5b4ae

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 1804 du 30 janvier 2020 de Monsieur le Député Roy Reding concernant l'"Admission dans un centre de réhabilitation".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**  
Ministre de la Santé





**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 1804 du 30 janvier 2020 de Monsieur le Député Roy Reding concernant l'"Admission dans un centre de réhabilitation".**

Op Basis vun der Annexe 2 vum Spidolsgesetz vum 8. Mäerz 2018 huet den Rehazenter (Centre National de Rééducation Fonctionnelle et de Réadaptation) folgend spezifesch Missioun:

*« Un service assurant la récupération optimale des performances fonctionnelles, de la meilleure autonomie et qualité de vie de la personne adulte présentant un déficit neurologique, cardiaque ou musculo-squelettique, en vue du retour ou maintien dans le milieu de vie du patient à la suite d'une maladie ou d'un événement de santé. »*

D'Prozedur fir als Patient an den Rehazenter opgeholl ze ginn ass déi folgend: Den Médecin traitant vum Patient, z.B. den Hausdokter oder den Spezialist am Spidol, stellt a Concertatioun mam Patient eng Demande un den Rehazenter. Am Fall vun engem Patient den stationär an enger Akutklinik läit, mécht den Médecin spécialiste en physique et de réadaptation (MPR) eng Visite an der Akutklinik fir sech iwwert den geneeë Dossier ze informéieren. Bei engem ambulanten Patient kennt et zu enger Consultatioun vum MPR am Rehazenter. Di Entscheidung iwwert eng Opnam gëtt en fonction vun den Kapazitéiten vum Patient geholl fir un dem multidisziplinären Rehabilitationsprogramm deelzehuelen, an orientéiert sech ëmmer un den offiziellen Opnam-respektiv Ausschlusskrittären, an dat sinn déi folgend:

1. Besoin d'une PEC rééducation-réadaptation multidisciplinaire
2. Besoin de compétences multidisciplinaires spécifiques en rééducation et/ou matériels spécifiques
3. Stabilité état général en relation avec diagnostic principal
4. Absence de comorbidités limitantes (ex: insuffisance cardio-pulmonaire)
5. Absence de pathologie psychiatrique dominante et/ou non stabilisée/Addiction(s)
6. Consentement du patient et/ou entourage proche

Den Alter vum Patient ass also keen Krittär, well si prioritär no hirem Gesondheitszoustand opgeholl ginn.

Duerch di begrenzten stationär an ambulant Kapazitéiten vum Rehazenter kann et no der Consultatioun an der Décisioun fir eng Opnam an den Rehazenter allerdéngs zu Waardezäiten kommen.

Am Joer 2018 haten 26,14% vun den stationären Patienten eng Altersmoyenne iwwer 70 Joer, am ambulanten Beräich louch de Pourcentage bei 12,64%. Des Zuelen weisen ganz däitlech datt den Alter vun den Patienten net als Krittär geholl gëtt fir iwwert eng Opnam an den Rehazenter ze décidéieren.